Extrait: 'De Krich am Ennergrond', Nicolas Kremer; 1985

zu dräi gedäält a geplangt wéi ech deen aneren Dag aus dem Haus kéim. E klengen Trick… Den Néckel wor verklät als Batty, d'Elise huet hien an den Arm geholl a si sin e wéineg Loft schnape gaang, wéi dee richtege Batty roueg am Bett luch…

## E PASSEUR PAR EXCELLENCE

Ech hat bis elo nach näischt vum Koséng Bip geschriwen. Säi richtegen Numm wor Camille WEIMISCHKIRCH. Awer Bip as méi einfach, an esou kennt all Mensch hien. De Bip wor nach eleng als Passeur. Hie wor en treien L.R.L. Member, dee fir jidderän um Dill wor. Et woren ee Moment esou vill Jongen do, datt hien esouguer zwéi Passagen an engem Muere gemaacht huet. Am määschten huet et hie géiergert, wann op eemol muerens erëm een derbäi wor, deen hien ewell virun enger Zäit iwwergesat hat. Wéi déi do eng fest Plaz am Frankräich haten, hu si verlaangert an hu sech op de Wee erofgemaacht. No e puer Deg sin si dann erëm gären iwergesat gin. Si hun doheem vu Päck gefuebelt, déi nach nët ukomm wären asw… Ewéi wann d'Passeuren, an der Zwëschenzäit wor et nëmmen ee méi, näischt anescht ze maachen hätten, an nëmmen dofir do wären… Wéi gesot de Bip huet sech duebel agesat a ganz vill Päck a Bréiwer sin iwer Lasauvage op Zoune (Saulnes) gaangen, déi vum Papa Useldinger mat séngem Won op Lasauvage bruecht si gin.

Wéi e puer Liichtsënnegkäte bei de Virberädungen op de Passage virkomm woren, sin déi Leit, déi de Refractären di falsch Papeieren iwergin hun, mat enger



De Bipp (Camille WEIMISCHKIRCH), »Champion« vun de Passeuren

Mask virum Gesicht opgetratt fir nët erkannt ze gin. Well de Bip, séngem Charakter getrei, keen «Amt» bei de Preisen ugeholl huet, nët an d'V.D.B. an nët an d'Arbeitsfront a bei der Grève nët schaffe gaangen as, wor hie bei de Preisen op enger bestëmmter Lëscht, dat hääscht, hie wor «en vue». Dat huet hien awer ganz wéineg gestéiert an hien as viru gefuer mat sénger Aarbecht als Passeur. Hien hat sech séng ege Weër erausgesicht an aus de Feler vun denen anere geléiert. E puer Honnert Refractären a Flüchtlinge konnten him et verdanken, datt si herno d'Fräihäätssonn erëmgesin hun. Alles as eng Zäit gutt gaange bis op eemol. D'Preise sin doheem bei sénger Schwëster opgekräizt, fir do ze froen, «wéi et him géng goen». De Bip wor natiirlech nët doheem. Hien huet de Besuch vun der Gestapo honoréiert a séng Konséquenzen doraus gezun. Deen aneren Dag ewell huet hien hanner de Ridoë beim Weltesch Marcel erausgekuckt, wann d'Preise mat hire blénkege Stiwelen de Kiirchbierg erop an erof gaange sin. Duerno sutz hie mat mär zesumme bei Useldingesch Jemp an huet eis séng Anekdoten erzielt, fir eis opzemonteren, wann d'Situatioun brenzleg wor.

Mat him wor de leschte Passeur aus dem Verkéier gezun an de Passage luch brooch.

## E POLVERFAASS

Esou kann e ganz roueg d'Situatioun bezäächnen, déi op eemol agetratt as, wéi kee méi an an aus wousst. Mär sutzen tatsächlech wéi op engem Polverfaass



**In nome dell'Italia e di Mussolini**

perchè il sacrificio dei nostri morti non sia stato vano,
con l'animo dei combattenti di tutte le ore,
per salvare la Patria e riscattarla dalla sventura,
decisamente avversi a qualsiasi capitolazione e forti come non mai del sentimento dell'onore

**dichiariamo**

di aderire al Governo Nazionale Fascista e procediamo alla costituzione del Fascio Italiano di Combattimento in Berlino.

Fedeli alle tradizioni più pure del Fascismo mussoliniano

**ci impegnamo**

fino al sacrificio della vita ad alimentare la fiamma della nostra antica fede, disperatamente tesa al conseguimento della salvezza e dell'avvenire della Patria.

Berlino, oggi 11 settembre 1943 — Anno XXI E. F.

I Dirigenti delle Organizzazioni sindicali italiane in Germania dei Lavoratori dell'industria, dell'agricoltura e del commercio, preso atto della costituzione in Berlino del Fascio di Combattimento dichiariamo nel nome di tutti i collaboratori e lavoratori di aderire al costituito movimento fascista con la vecchia immutata fede nella missione del Fascismo e nell'onore dell'Italia. Con ciò respingono ogni idea di capitolazione e intendono combattere a fianco della Germania per la libertà dell'Italia con indefettibile fedeltà al Duce.

Giulio Pierucci — Roberto Bonetti — Ettore Scampicchi

Berlino, oggi 11 settembre 1943 — Anno XXI E. F.

**Tutti gli Italiani che risiedono nel Lussemburgo e che sentono il dovere di partecipare alla costituzione del Fascio diano subito la loro adesione scritta al Fascio di combattimento di Esch/Alzig. Adolf-Hitlerstrasse 145**

**Im Namen Italiens und Mussolinis**

damit das Opfer unserer Toten nicht umsonst gewesen ist,
im Geiste unserer Kämpfer von heute und gestern,
um das Vaterland zu retten und aus dem Unglück zu reißen,
entschieden gegen jede Kapitulation und stark wie noch nie im Bewußtsein der Ehre

**erklären wir**

der National-Faschistischen Regierung unsere Gefolgschaft und schreiten zur Gründung des italienischen Kampf-Fascio in Berlin.

Treu den makellosen Traditionen des Faschismus Mussolinis

**verpflichten wir uns**

bis in den Tod die Flamme unseres alten Glaubens zu schüren, die für die Rettung und die Zukunft unseres Vaterlandes gerichtet ist.

Berlin, den 11. September 1943 — Anno XXI der faschistischen Ära

Die Leiter der italienischen syndikalistischen Organisationen in Deutschland, der Arbeiter der Industrie, Landwirtschaft und Handel, nach Bekanntgabe der Gründung des Kampf-Fascio in Berlin, erklären im Namen aller Mitarbeiter und Arbeiter, der gegründeten faschistischen Bewegung beizutreten in dem alten unveränderten Glauben an die Mission des Faschismus und an die Ehre Italiens. Hiermit weisen sie jeden Gedanken einer Kapitulation zurück und sind gewillt an der Seite Deutschlands zu kämpfen für die Freiheit Italiens mit unerschütterlicher Treue an den Duce.

Giulio Pierucci — Roberto Bonetti — Ettore Scampicchi

Berlin, den 11. September 1943 — Anno XXI der faschistischen Ära

**Alle in Luxemburg ansässigen Italiener, die die Pflicht in sich fühlen am Aufbau des Fascio mitzuarbeiten, geben sofort ihre schriftliche Zustimmung an das Kampf-Fascio in Esch Alzig. Adolf-Hitlerstraße 145**

dat all Moment explodéiere kënnt. Et wor kee Passeur méi do, an d'Haiser sutze voll Refraktären. Esou wéi d'Situatioun op alle Fronten dee Moment wor, konnt ee roueg d'Preise mat engem wëllen Déier vergläichen, dat ugeschoss wor. Uganks Februar hat d'Nazipolizei mat e puer Schützlingen esou eng Aart Orgie gefeiert, wou et héich hirgaang as. Wéi se alleguer eng ferm am Bän haten, as engem vun hinnen an der Bretzegkät de Bak opgaang. «Wir werden sie diesmal alle kriegen, einerlei wohin sie sich verkrochen haben.» Et sollt eng Razzia ofgehal gin, déi enger richteger Klappjuegd géng gläichen a wou d'Lëtzebuerger ewéi Fräiwëld gejot génge gin.

Eng gutt Zuel vu Refractären hun hir Stopp musse verloossen. Vill Leit wollte kee Risiko méi agoen. Et weess een haut nach nët, ob dat nët eng bestëmmt Taktik vun de Preisen wor, fir d'Résistenz onsécher ze maachen an eraus ze lackelen. Et as nëmmen méi eng Méiglechkät bliwen, dat woren d'Minièren. Virun allem wor d'Galerie Hondsbësch dofir dat Bescht. Besonnesch wat de Problem vum Ravitaillement wor. Hei wor déi bescht Méiglechkät, fir dat onopfälleg ze maachen… Schon an e puer Deg wor d'Zuel op 50 an do op 100 ugewuess. An derlescht woren 122 Refractären ënner dem Buedem.

## DE RAVITAILLEMENT VUM BUNKER «MINIÈRE HONDSBËSCH»

Et as e Kapitel fir sech, wann ech vum Ravitaillement vun enger ganzer Companie jong Leit schreiwen. Et muss een sech dat haut emol praktesch virstellen… an dat alles ënner de Preisen hirer Nues. Et wor dat eng Glanzlääschtung vun dene Leit, déi sech do engagéiert haten, vun der Résistenz a vun der ganzer Populatioun am allgemengen (d'Lëtzebuerger Preisen natiirlech ausgeschloss).

Vum 6. Februar bis den 12. August 1944 huet et an der Minière Hondsbësch ausgesin ewéi an engem Jäjomejerskoup. D'Aarbechtsbeie sin natiirlech ausnamsweis nëmmen nuets erausgeflun, fir den Hunneg ze sammelen (Liewensmëttel). Do huet et sech bewisen, datt een nët onbedéngt e Ris brauch ze sin, fir Grousses ze lääschten… well et wor tatsächlech eng aussergewéinlech Lääschtung vum «klenge Jengi» mat séngem Auto vun der Gemeng. Hien hat eben d'Geleënhät fir d'Gemeng iwerall hifueren ze kënnen, an huet awer och giedlech dervu profitéiert. D'Grompere sin nët zennerweis… nän tonneweis erbäigeschlääft gin. Si sollte fir d'Spidol sin dat nët wäit ewech wor. Wann de Jengi den Auto owes an de Gemengenatelier eragesat hat wor nach laang nët alles eriwer. Et huet mussen ausgeluede gin. Ganz Ämere voll Gebääss an aner liewenswichteg Artikele sin eventuell erop an d'hënnescht Kiche vu Frantzen's gedroe gin. Et géng wiirklech ze vill wäit, wann ech d'Nimm vun all dene géng nidderschreiwen, déi un déier gewalteger Aktioun bedälegt woren. Wéi ewell dacks schon, esou as et och hei gaangen… et gët ëmmer bestëmmt, esou ze soen, «bescheide Leit», déi sech nët ervirdin an doduerch dälweis vergiess gin.

Hiren Numm fënt än dann zoufälleg op enger Säit vun enger Broschür. Ech well dofir den Numm vun esou enger treier Patriotefamill ervirhiewen; den Tun



De Jengi WANTZ. Ouni séng Hëllef wär esou munches »nët gelaf«

an d'Bäbi STIEFFER aus der Hiel zu Nidderkuer. Méintlaang huet d'Bäbi fir de Bunker gekacht an d'Wäsch gemaacht. Si hun doduerch e grousse Verdéngscht um Geléngе vum Bunker Hondsbësch zu Nidderkuer.

Déi puer Zeilen, déi ech hei iwer de Ravitaillement geschriwen hun, si jo nëmmen eng Dréps Waasser an engem grousse Pull, wann ee vergläiche géng. Datt esou eppes iwerhaapt méiglech wor, kann nach haut kä begräifen an dach as dat geschitt. Et kann een sech och nach haut deen Zoustand virstellen, wéi irgendeen, sief et mat oder ouni Absicht, déi blödsinneg Neiegkät erausgin hat, d'Preisen hätten d'Plange vun der Minière gefrot. Fir dee Moment 122 opgereegt jong Mënschen, esou no virun der Liberatioun ze berouegen, wor kä Kannerspil. Wéi een sech op de Wee no häm gemaacht hat, huet et déi aner nët méi dobanne gehal. Fir déi dann all erëm Ënnerdaach ze kréien, wor erëm eng Glanzlääschtung. Fir e kloert Bild vun dem eemolege Wierk mat den domat verbonnene Lääschtungen erëmzegin, brénge mär de ganze Progamm, wéi de Grondstä vum Monument Bunker Hondsbësch geluegt gouf, am 3. Däl vum Buch (no der Liberatioun).

## E MAKABEREN TRANSPORT

Ween am Krich irgend eppes huet mussen transportéieren, wor dacks schlecht drun. Déi wéineg Autoen, déi nach zirkuléieren duerften, si mat Holzgas gefuer an haten eng spezial «Fahrerlaubnis». Bestëmmt hätten si den Transport, deen ech hei mengen, iwerhaapt emol nët ugeholl. D'Leit hun sech also geholfef wéi si konnten. Dat määscht as mat engem Weenchen oder mat enger Käärche

gefouert gin. An der Gemeng Déifferdang an der Escherstrooss wor e Gefier, dat wor esou wéi en Universaltransportmëttel bekannt an as och dofir ëmmer erëm gebraucht gin. Dëse Vehikel hat zwar nëmmen zwä Rieder an et huet ee verdammt gutt mussen oppassen, datt d'Charge zimlech gläichméisseg drop verdäält wor, soss wär et engem gaang wéi op enger Schaukel. Biergof huet ee gutt Talongen un de Schong mussen hun, fir zréckzehalen an ze bremsen. De Propriétär vum dem «Jabel», wéi mär deemools dat Geschir genannt hun, wor de Schräinermääschter Marcel aus der Escherstrooss. Mat dësem Gefier si vill gezammert holze Këschten, déi mat Päck gefëllt a fir déi Ëmgesidelt bestëmmt woren, op irgendeng Gare gefouert gin. Dat as nët weider opgefall, well déi gezammert Këschten, deer Këscht geglach hun, déi de Schräinermääschter gebraucht huet fir séng Trauerdekoratioune bei engem Stierffall, esou guer bis an d'Nopesch-Gemengen, ze transportéieren. Määschtens wor dann awer och eng Doudelued derbäi, well fréier dee Verstuerwenen nach doheem opgeboert gin as.

Dat wor de Problem, iwer dat dräi anstänneg Biirger aus der Escherstrooss zu Déifferdang beroden hun. De Bäckermääschter Mett, de Gäertner Scharel an de Schräinermääschter Marcel haten e puer ganz geféierlech Artikelen op Lager, déi si gär lass gewiescht wären an déi op eng bestëmmt Plaz an der Weiergaass ofgeliwert sollte gin. Dono wéi de Mett e puer preissesch Uniformen a séngem Bakuewen an Hëtzt ëmgesat hat, woren d'Gewierer nach an der Mielkummer verstoppt. De Scharel wär och gär e puer geféierlech «Klabusse» lass gin, déi hien an der Gäertnerei vum grousse Casino verstoppt hat. All dës onkommoud Artikele sollten an eng Sammlung kommen mam Zweck «zur späteren Verwendung». No langem Beroden hun si erausfond, datt eng Doudelued fir esou e geféierlechen Transport am sécherste wär. Bis elo hätt jo nach ni e Preiss gefrot, wéi esou eng Lued vu banne géng ausgesin… Zwéin Deg méi spéit stung d'Doudelued prett um Jabel, fir domat säin Zweck als aussergewéinlecht Transportmëttel ze erfëllen. Et sollt géint den Owend sin, well dann nët esou vill Leit méi op der Strooss wären. De Schräinermääschter Marcel an säi Gesell, de Gäertner Scharel hu sech mat dem Jabel op de Wee gemacht. Si hu ganz ääscht an traureg dragekuckt, wéi wann si tatsächlech déi traureg Missioun hätten, een an «d'Këscht» ze leën an d'Leit hun hinne voller Respekt nogekuckt, wéi si de Jabel duerch d'Biergstrooss gedréckt hun… Vu wäitem huet de Scharel esou eppes Grénges iwer den Trottoir gesi kommen… Et wor de preisesche Leutnant Jaegen, deen a sénger Polizeiuniform stuch, an ëmmer méi no komm as… De Marcel wor esou zimlech kal a waarm gewinnt, ower de Scharel huet gespuert wéi et him zimlech kal iwer de Réck erofgelaf as… «Na schon wieder einer verstorben?» sot de Preiss an hätt gäre gewosst, wien den Ongléckleche wär deem den Otem ausgaange wär. De Marcel huet séng Kap eng Kéier hannen an den Nak gesat an no Loft geschnaapt. Dobäi huet hien esou en italiéineschen Numm duerch d'Zänn gegrommelt… «Na dann weiter», sot de Preis, an de Scharel huet esou fest um Jabel gedréckt, datt d'Lued bal erofgerëtscht wär. De Bipp huet um Rendez-vous op si gewaart… D'Doudelued wor séier eidel mä elo koum dat, wat si an hirem Plang nët genuch beschwat haten. Wat as wa mer heemfueren, mat der Doudeloud um Jabel?… Da wor et eben en Iirtum, et huet een eis eng falsch Adress gin… asw. Si hun d'Lued an der Däischtert erëm opgelueden an en anere Wee iwer d'Thomasplaz erëm zréckgefuer. Dem Scharel as den Doudschwääss ausgaang a wéi hien häm komm as, huet séng Fra zweemol musse kucken, fir hien erëmzekennen… Du gesäis jo aus ewéi eng Läich, wat as mat där lass? E puer grouss Dréppen hun dem Scharel séng Blutzirkulatioun erëm a Schwonk bruecht. Vun denen dräi, as hien nach eleng um Liewen. Trotz sénger schwéierer Krankhät wor hien ëmmer erëm begääschtert, fir eis ze erzielen, wéi hie gehollef hätt d'Preisen unzeschmieren. Séng Fra seet dann all Kéier «Vergiess nët ze soen, wéi uerg den Transport deemools dech matgeholl hat.» De Scharel wor tatsächlech ëmmer derbäi, wann «eng Kaz duerch d'Baach geschlääft gin as», hie wor ëmmer berät ze hëllefen. Vun enger Unerkennung fir séng Hemechtstrei huet de Scharel bis haut ower leider nët vill gespuert.

## DE BUNKER «FRIDBËSCH»

D'Méiglechkäten, Jonge bei Patrioten ënner Daach ze kréien, wore praktesch «erschöpft», well jo ëmmer méi Leit ëmgesidelt a verhaft si gin. Doduerch as de Kräs vun den hëllefsberäte Lëtzebuerger ëmmer méi kleng gin. Et wor nach d'Armée blanche an d'Bunkeren.

Wéi de Bunker Hondsbësch «complet» wor, sin een Däl vun de Refractären an de Bunker Fridbësch am Éislek bruecht gin. Do hat nämlech de Reisch'e Batty de Bunker no engem Plang a Regie entworf a schon am Summer 1943, wéi ech am Bësch vun der ieweschter Schlënner sutz Trübsal op den Nouten ze blosen, as de Grondstän zu deem Wierk geluegt gin. An der «Hockslee» no bei Kautebaach, 2.50 m déif am Buedem, 3 m breet a 17 m laang, dat wor de Bunker Fridbësch-Schlënnermanescht. Fir d'Arichtung sin d'Matrassen aus dem preiseschen Erholungsheim vu Kautebaach erbäigeschaaft gin. Eng Kachmaschin as 4 km wäit hiertransportéiert gin an däischterer Nuecht.

Wat sech elo 8 Méint laang an deer ganzer Ëmgéigend mat enger, a fir eng Bunkerbesatzung vun 20 Leit ofgespillt huet, wär d'Material fir e richtege Film. Et klénkt iwerdriwen an onméiglech, an alles as dach geschitt esou wéi ech dat hei nidderschreiwen. De Bunker wor Dag an Nuecht bewaacht an op dene klenge Bëschweër, wou de Bunker ze erräääche wor, stong e Poste mat Gewier, deen nëmmen op eng bestëmmt Paroll hin de Wee fräigin huet. De Bunker as vun Déifferdang aus gelät gin, also iwer 60 km wäit ewech. Wann een dat eleng bedénkt bei enger preisescher Besatzung, déi bestëmmt och nët geschlof huet. Gewierer an aner Waffen, Munitioun, Handgranaten a Liewesmëttel si gréisstendääls mam Zuch an d'Éislek bruecht gin. E groussen Däl vum Ravitaillement as awer och vu gudde Leit aus der Ëmgéigend geliwert gin. De «Versand» vun dene geféierleche Saachen ewéi d'Gewierer, d'Handgranaten an d'Munitioun as vun Déifferdang aus ënner der Regie vum Elise (dem Batty séng Fra) geschitt. Obschongs de Batty an der Zolwerstrooss als direkte Noper e Vertrauensmann vun der Gestapo um Pelz



De Batty REISCH



D'Madame Elise REISCH-LOESCH

Ouni déi zwä léif Leit hätt de Bunker Friedbësch am Éislek nët kënne bestoen. Hiren Asatz an de Risiko wore grouss an eenzeg, awer de Merci an d'Unerkennung wore kleng!



De Wagnesch Jemp, e gudden treie Patriot, deen ëmmer an iwerall gehollef huet

hat, as et him dach gegléckt no an no aus erbäigeschlääften holze Këschten, eng zolidd grouss holze Këscht zesummen ze zammeren. De Fischer, esou huet de Preiss niewenu gehääscht, huet d'Ouere gespëtzt wéi de Batty nach bis spéit an den Owend eran un der Këscht gezammert huet. Et wor jhust Plaz an der Këscht fir e puer Gewierer, déi nët méi fir d'Ostfront ze brauche woren. Si sin an Holzspéin geluegt a mat e puer Uniforme kalléiert gin, well déi jo bei déi preisesch Gewierer gepasst hun. «D'Sürprisekëscht» wor fäerdeg, d'Adress wor d'Famill ze Schlënnermanescht an den Absender wor de Batty a séng Fra.

De preiseschen Noper hat eng kleng Ahnung an huet opgepasst wéi de Wagnesch Jemp gehollef huet d'Këscht op de Weenchen ze leën. Wéi d'Elise de Weenchen 2 km laang duerch d'Stroosse vu ganz Déifferdang bis op d'Gare gezun huet, as de Preis him häämlech nogefuer... Jhust op der Gare wéi d'Elis d'Këscht wollt fräimachen. as de Preiss opgetaucht an huet sech d'Adress opgeschriwen. Dem Elise hun d'Knéie geziddert... hatt huet un d'Jongen am Éislek an u séng ganz Famill zu Schlënnermanescht geduecht, déi elo a grousser Gefor wären. Kuerz a gutt huet hatt d'Këscht erëm op de Weenche gepaakt... de preisesche Bahnbeamten huet him eng Hand ugepaakt an d'Elise as erëm op engem groussen Ëmwee mat dem Weenchen zréckgefuer bei d'Famille HÖFFLER vis-à-vis vun der Jongeschoul. De Fischer sutz am Zuch an huet séng Nues zu der Fënster erausgestrekt an der fester Mänung hien hätt en décke Fësch am Gepäckwon gefaangen.

Domat woren d'Gewierer awer nët am Éislek, wou si esou dringend gebraucht si gin. Hatt hat eng genial Iddi, déi hatt och gläich e puer Deg duerno an d'Wiirklechkät ëmgesat huet... An der Quincaillerie René BOMMERTZ huet hatt sech Uewepäife kaaft. An all Uewepäif sin zwä Gewierer gaang, déi vun zwou Säite kalléiert woren. De Jemp hat e Bahnsteigbillet geholl an huet him d'Uewepäifen am Zug uewen an d'Gepäcknetz geluegt... Esou as d'Elise all zwäten Dag op d'Räs gaange mat Destinatioun Giewelsmillen, wou de Batty séng Fra mat deem onhäämleche Gepäck ofgeholl huet. De Bommertze René awer huet sech gefrot wéisou ee keng Uewepäifen do uewen am Éislek ze kafe kréich. Dass déi ganz Aktioun nët esou einfach wéi Bonjour wor, verstät sech, an déi ganz Opregung as och nët ouni Folge beim Batty sénger Fra bliwen. D'Elise wor a geseenten Ëmstänn an hiirt éischt Kand as mat knapp 7 Méint op d'Welt komm. D'Kand wor dout, an d'Elise as jhust mat dem Liewen dervukomm. Dëst wor ower nëmmen eng Ënnerbriechung an hirer Bunkeraktioun. Wéi d'Elise erëm op de Bä wor as den Trafic virugaang. D'Walissen, déi dem Batty séng Fra mat dem Zuch op d'Giewelsmille geschlääft huet, wore vollgestoppt mat Saachen, déi dem Elise e puer Méint Zuchthaus abruecht hätten, wann hatt erwëscht wär gin.

Zu Déifferdang as alles säi Wee viru gaang an den Dag vun der Liberatioun as ëmmer méi no komm. De Batty huet als L.R.L. Mann méng Plaz ageholl a wor beständeg um Dill... Wéi den Ortsgruppenleiter, deen an der Niklausstrooss gewunnt huet, an d'Stad gefuer wor, fir an enger Grosskundgebung d'Reie voll ze maachen an den Hitler ze «heilen», wor et esou gutt däischter an der Niklaus-

strooss an eng Kellerfënster stung op... Wichteg Ënnerlage sin der Résistenz an d'Fangere gefall... an de Batty stung bei dëser Aktioun Wuecht. Him wor keng Stonn ze fréi an och keng ze spéit... bis op eemol huet hien och e Wénk vun enger gudder Säit krut.

Esou wéi déi aner Bunkerinsassen as hien och mat dem Vëlo dorobber gefuer, duerch d'Gewan op eng bestëmmt Plaz, wou eng Escorte hire Chef ofgeholl huet. Si hun am Bunker gekacht a gebracht a lugen op der Lauer bis den 10. September 1944, wou si als fräi Mënschen hir Stopp verloosse konten. D'Freed huet nët laang gedauert... d'Noriicht vun der Rundstedtoffensiv huet ewéi eng kal Dusch gewiirkt. De Batty an d'Elise wore gläich erëm hannesch op Déifferdang komm, wou de Batty gebraucht gin as.

Mär wëllen awer nët vergiessen, déi Leit ze nennen, déi am meeschten un déier grousser Aktioun bedälegt woren.

De Ravitaillement: d'Familje LOESCH-DUPONT, SCHMIT-SCHAM, CLARENS Théo, DUMONG-SCHMIT, WEBER-AUBART, TURMES Jos, Firma ALGELUX vu Rodange and den L.R.L. vun Déifferdang. Als verantwortlech Verbindungsleit: Batty REISCH, Madame Elise REISCH, Jemp WAGNER, Famill HOFFLER, Nic KREMER an Nic ZAHLES. D'Medikamenter vum Edmond BLACHE an d'Waffe vum L.R.L. Déifferdang.

Datt 20 jong Leit hir Familjen no der Liberatioun erëm glécklech begréisse konnten, wor nëmmen deem Ëmstand ze verdanken, datt et Leit gi sin wéi de Batty an d'Elise an all déi aner, déi op hir Manéier gehollef hun, dem Batty säi Wierk glécklech op en Enn ze féieren. Déi Zeilen hei sin awer nëmmen Zeie vun engem Däl vun enger onegennëtzeger Aarbecht am Déngscht vun der Allgemenghät an enger schwéierer Zäit, déi haut nët méi op hire richtege Wäert ageschat ka gin.

## ENDLECH ENG FEST STOPP FIR MECH

Wéi ech als Batty verklät, mat dem Elise am Aarm beim Fliegeralarm an däischter Nuecht an der Zolwerstrooss laanscht méng Wunnéng geschlach sin, huet d'Häerz mär awer wéi gedoen... Mär hun ënnen an der Strooss, vis-à-vis vum Bréifdréier Meyer, um Haus RASQUIN dräimol geschellt an un d'Dir geklappt, wéi et mat der Madame Rasquin ofgemaacht wor, deer hire Mann zu deer Zäit am K.Z. sutz. Obschongs dës Famill als «deutschfeindlich» agestuuft wor an och esou behandelt gin as, wor hir Dir awer fir d'gutt Saach op. Si haten zwéi Refractären am Haus verstoppt, déi mat hire Kaschtleit nët onzefridde woren. D'Madame Rasquin huet mech eragelooss, d'Elise huet dem Batty säi Mantel op den Aarm geholl an iwer Uewerkuer de Woiwerwee erof häm gaang. Ech hat déi lescht Deg schrecklech Zännwéi kritt an hat de Bak déck geschwollen. Ech hat Geleënhät endlech och méng Wäsch ze wiesselen, déi méng Fra hei fir mech hi gelucgt hat.



An désem onscheinbaren Haus hun de Jemp an d'Anna duerch de ganze Krich 15 Refractären a 4 politesch Flüchtléngen verstoppt a matduerchgefiddert